

Commune de Sandweiler  
n° Ges:

ct: 22 SEP. 2023

B	CE	SA	ST	RD	IC	RH	RE	PO	SC
BN	GC	HL	LS	ND	RC	RO	SI	SM	SS
TD	WA	VI	BT						



sandweiler@csv.lu

Commune de Sandweiler  
A l'attention du Collège échevinal  
18, rue Principale  
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 22 September 2023

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 26.09.2023**

Madamm Buergermeeschtesch,  
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengeréit erlaben sech lech folgend Froen ze stellen a géifen sech iwwer eng Äntwert am Gemengerot vum 26.09.2023 freeën. Mir géingen lech och bieden, ons Är Äntwert an engem Delai vu 7 Deeg no der Sëtzung schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**

Am Haus vun de Kanner hunn sech Elteren um Ufank vum Summer beklot, dass do kee passende Sonneschutz iwwer dem Haff a Spillplaz ass. Wat ass de Fortschrëtt vun den Aarbechte fir do e Sonneschutz ze installéieren? Sollen déi Aarbechte fir den Enn vum Fréijoer 2024 fäerdeg sinn?

**Fro 2:**

Mir hu festgestallt dass aktuell keng Aktivitéite méi um Chantiersdepot an der rue de Contern sinn. Wou sinn d'Aarbechte fir de Reamenagement vun der rue d'Itzig drun? Wéini ginn déi genau un a wat ass den aktuelle Planning fir déi Aarbechten?

**Fro 3:**

Um Freideg 15. September hunn eng Réi Automobilisten um Parking vum Centre Culturel en Ziedel vun der Gemeng ënner de Wischer geklemmt kritt fir se op t'Parkscheiwepflicht an d'maximal Stationéierungsdauer vu 4 Stonnen opmierksam ze maachen.

Wat war den Ausléiser fir déi Aktioun? Wat sinn d'Suitten déi elo virgesi sinn? Wat war den Zweck vun där Aktioun? Hunn all Automobilisten dee Flyer un den Auto geklemmt kritt?

Jean LEMMER  
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ  
Conseillère